

Här Burgermeeschter, Memberen aus dem Schäffen a Gemengenrot,  
Merci fir d'Wuert.

Wann een sech de Budget ukuckt, gesäit een datt Gemeng trotz Boni definitiv kee  
Spuverräin ass. Et gouf vill mee gezielt a gutt investéiert.

Zemools fir d'Sécherheet vum Foussgänger a Vëlofuerer gouf d'lescht Joer net  
gespuert. Fir elo mol op de Vëlo ze kommen, sinn am Budget 1'000'000 Euro  
(dépenses extra.) virgesinn. Gutt ass, datt ee net méi esou vill an Bürokratie an  
Etüden muss investéieren well do schonn een groussen Deel geschitt ass. Mat  
der Piste Cyclable vun Izeg Richtung Uelzecht (Predigerberg) gëtt nächst Joer  
ugefaangen. Och d'Unterführung um CR 231 Hesper  
Richtung Houwald (Cloche d'Or) war batter noutwenneg, fir d'Sécherheet vun eise  
Bierger ze garantéieren. Weider Vëlospiste sinn och nach um Wee. Do mat schafe  
mir net nëmmen nei Weeër mee och nei Méiglechkeeten an Alternative fir zum  
Beispill sécher mam Vëlo op d'Schaff ze fueren.

Och ee ganz wichtege Punkt ass den Artikel 4/624 Voirie vicinale, wou net manner  
ewéi 6'700'00 Euro am Budget stinn. Wou et vill em Sécherheet mee  
och em Liewensqualitéit geet. Erneuerung vun diverse Stroossen (ënnert aanerem  
rue des près zu Izeg) Verbesserungen vun Trottoiren a Stroosseniwwegäng ewéi  
och nei Stroossenbelichtungen fir dem Foussgänger (Beipspill, Beetebuerger  
Strooss zu Fenteng) eng besser visibilitéit ze garantéieren.

Renovatiounen ewéi t'Hëlzen Bréck bei der Hesper Kierch an och d'Bréck bei der  
Gantenbeensmillen ass gutt investéiert Geld.  
Op der Place Pol Jomé, wou hoffendlech an noer Zukunft een shared space soll  
entstoen, geet et och lues awer secher virun. Ugefaangen mam Lift fir op den  
Holleschbierg. Do gesäit een datt d'Aarbeschten gutt virun ginn. D'Passerelle soll  
do schonn am Mäerz kommen. Mat der Planung vum Parkhaus an de Commercen  
900m<sup>2</sup> (Post & Spuerkeess an zousätzlech Commercen) an 18 neien  
erschwengleche Wunnengen déi zesumme geschloss an engem Bâtiment mixte  
gebaut solle ginn, geet et gutt virun

Mam Lift dann erop op den Holleschbierg. Do ukomm steet am  
Budget Artikel 4/822 Halls sportifs. 2023 nach mat ronn 7,4 Milliounen (wéinst der  
neier Hal) steet hei lo just nach vun 1 Millioun Euro. Reparaturen um Daach vun

der aler Hal mussen gemaach ginn. Renovatiounsarbechte goufen et och an der Turnhal zu Fenteng (vu 50'000) an den Tennis soll och eng kéier eng Infrastruktur kéien (vun 250'000.)

An eiser Gemeng kuckt een ganz genee op d'Waasserqualitéit. Net nëmmen op d'Zoufuhr, wat alles aus dem Krunn kënnt mee och op Ofwaasser. Bei villem Staarkreen ass Gefoor grouss datt Stroossen iwwerschwämmt ginn, dofir gëtt Kanalisatioun ënnert aanerem an der rue des Scillas an op der Hobuch ernéiert. Am Moment gëtt vill an eis Kläranlag investéiert mee eng nei Kläranlag ass envisagéiert, déi di kapazitéiten vun elo an déi aus der Zukunft soll packen.

Wann een sech de ganzen Rapport ukuckt, investéiert Gemeng an d'Sécherheet, Liewensqualitéit, Infrastrukturen, Veräiner mee haaptsächlech an de Bierger vun der Gemeng Hesper.

E grouse Merci geet vu menger Säit un all d'Servicer vun eiser Gemeng déi eng excellent Aarbecht maachen. Merci dem Georges Beck fir de Rapport vum Budget, dem Frank Zeimes fir d'Erstellen vun dësem iwwersichtlechen a lieserlechen Dokument.

E leschte Merci geet natierlech un eise Schäfferot fir d'Coordinatioun vun all den Aarbechten an enger „gestion en bon père de famille“ well eis Gemeng Enn vun dësem Joer scholdefräi wäert sinn, wat Spillraum fir zukünfteg Investitiounen léisst.

Merci fir Ärt Nolauschteren